



Äntwert vum Minister fir Energie, Claude Turmes, op d'parlamentaresch Fro n°8032 vum 25. Mee 2023 vum den éierewäerten Deputéierte Max Hengel a Paul Galles iwwert "Installations photovoltaïques"

- **Ass sech de Minister dëser Problematik bewosst?**
- **Wat gesäit de Minister vir fir dëser Problematik kuerz-, mëttel-, a laangfristeg entgéint ze wierken?**
- **Wéi wëll de Minister den Ausbau vun den Netzinfrastrukturen besser viru bréngen fir dass an Zukunft méi einfach PV-Anlagen uechtert d'Land ouni gréisser Limitatioun an Upassungen (z.B. duerch en Traffo op Käschten vum Aspeiser vun der Energie) un d'Netz kënne goen?**

Am Kontext vun dëser Problematik ass et wichteg drun ze erënneren, dass d'Netzbedreiwer laut dem Artikel 5 vum Stroumgesetz¹ d'Obligatioun hunn a hirem Netzgebitt all Ufro fir en Uschloss nozekommen an dem Client eng Käschteschätzung fir dësen Uschloss matzedeelen. An der Reegel muss fir Anlagen tëschent 70 an 200 Kilowatt en neien Uschloss un de noosten Traffo realiséiert ginn, an iwwer 200 Kilowatt en eegenen Traffo fir de Projet installéiert ginn. Dës Käschten kënnen, virun allem ausserhalb vum Bauperimeter a fir gréisser Anlagen esou héich ginn, dass de Projet wirtschaftlech kaum nach realisierbar ass. Dëse Phänomen, deen déi éierewäert Deputéiert beschreiwen gëtt et also effektiv, e betrëfft awer nëmmen e ganz klengen Prozentsaz vun den Anlagen déi geplangt ginn. Op Nofro hin huet d'Creos matgedeeelt, dass säit Ufank 2022 vun engem Total vun 4176 Demanden fir PV Anlagen unzeschléissen an 31 Fäll di gefroten Anlag net konnt ugeschloss ginn. Bei dëse Fäll, handelt et sech gréisstendeels em gréisser Anlagen, fir déi d'Netz op där Platz misst ausgebaut ginn, oder en eegenen Traffo fir d'Anlag huet misse virgesi ginn. Bei Agri-PV Projeten mat Leeschtungen am Megawatt Beräich kann et virkommen, dass d'Anlag net kann ugeschloss ginn, well d'Mëttelspannungsnetz net dofir ausgeluecht ass.

Och wann d'Stroumnetz zu Lëtzebuerg am europäesche Verglach gutt ausgebaut ass, ass et also net ze verhënneren, datt et vereenzelt dozou kënnt, dass punktuell net genuch Kapazitéit am lokale Stroumnetz ass fir gréisser Photovoltaikprojeten ëmzesetzen. D'Netzbedreiwer sinn sech dëser Erausforderung bewosst a plangen stänneg un enger Entwécklung vun de Netzer, déi am Aklang mat der Evolutioun vun der Energietransitioun ass.

An deem Kontext ass notamment am ëmgeännerten Stroumgesetz rezent eng Obligatioun fir all Netzbedreiwer agefouert ginn fir Netzentwécklungspläng opzestellen an ëffentlech ze consultéieren. Dës Pläng sollen déi zukünfteg Besoine méi siichtbar maachen an de Gestionnairen als Outil dengen fir hiert Netz méi effizient a nach méi bedarfsgerecht auszebauen. Platzen wou et eventuell Enkpäss ginn, kënnen esou proaktiv identifizéiert a prioritär ausgebaut ginn.

E Grond firwat et, virun allem op méi ofgeleeënen Platze wéi Aussiedlerhäff ëmmer kann zu Netzenkpäss kommen, wann eng Photovoltaikanlag geplangt gëtt, ass, dass bei der Planung vum Netz eng Produktiounsanzlag net betruecht gouf. D'Netzbedreiwer hunn hier Planungsriteren fir nei Netzdeeler an Reseauen di erneiert ginn rezent ugepasst fir sécher ze stellen, dass op deene Platzen wou de Reseau nei geluecht gëtt d'Kapazitéit den zukünftegen Besoinen vun der Energietransitioun gerecht gëtt. Dës Critèren stellen z.B. sécher, dass innerhalb vum Bauperimeter op all Haus eng PV Anlag vun op mannst 20 kilowatt ka geluecht ginn. D'Stroumgesetz bitt och neierdëngs eng legal Basis fir e Reglement grand-ducal deen déi minimal Dimensionéierungsriteren fir

¹ Loi modifiée du 1er août 2007 relative à l'organisation du marché de l'électricité

spezifesch Situatiounen soll festleeën. Meng Servicer wäerte elo an Zesummenaarbecht mat den Netzbedreier eng Analyse vun de Situatiounen maachen, wou sou eng Virgab hëllef kéint Enkpäss an der Zukunft ze vermeiden.

Dat kierzlech ëmgeännert Stroumgesetz gesäit och d'Méiglechkeet vir, dass d'Netzbedreier Netzeschlëss ubidden, bei deenen di gesamt Leeschtung net garantéiert ass. No dësem Konzept kann op Plätzen, wou Netzenkpäss bestinn, dem Produzent oder Client ugebueden ginn fir en Uschloss ze kréien mat engem reduzéierten Uschlossstarif, bei deem hien zu Zäiten vun operative Restriktiounen, also wann grad net genuch Kapazitéit verfügbar ass, muss seng Leeschtung reduzéieren. De Rescht vun der Zäit kann en awer di gefrote Leeschtung notzen, an domat an deenen meeschte Fäll säin Projet ëmsetzen.

Ofschléissend wier nach ze soen, dass d'Creos, fir och der mëttel- a laangfristeger Entwécklung vum Stroumreseau kënne Rechnung ze droen, aktuell och d'Netzer um Niveau vun der Héichspannung verstärkt. Den Detail vun de geplangten Projet'en kann een dem Netzentwécklungsplang vun der Creos enthuelen². Besonnesch ervirzehiewen ass den Projet 380, deem d'Importkapazitéit aus Däitschland signifikant ausbaue wäert, an d'Verstärkung vum Héichspannungsnetz a verschiddenen Deeler vum Land. Dës wäert et erlaben méi erneierbare Stroum an de nationale Reseau integréieren ze kënnen.

Lëtzebuerg, den 27. Juni 2023
(s.) Claude Turmes
Minister fir Energie

² https://www.creos-net.lu/fileadmin/dokumente/NEWS/pdf/2020-2023/20210820_Network_Development_Plan_2040_-_HV_Transport_Grid__final__mod2022.pdf